# Naturaktivitéite fir Schoulklassen

## Offer vun den Naturschutzzenteren vun der Naturverwaltung

Programm 2022/2023




© Kerstin Rose

awiewesch
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

Burfelt
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt

ellergronn
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

MIRADOR
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt





# „D’Natur erliewen”

D’Haaptaufgab vun der Naturverwaltung sinn nieft der Gestioun vun eise Bëscher an Naturschutzgebitter, de Public fir den Naturschutz an en nohaltege Verbrauch vun natierleche Ressourcen ze sensibiliséieren.

Dëser Aufgab stellen sech d’Naturschutzzenteren vun der Administration de la nature et des forêts mat enger erliefnesorientéierter Offer fir Naturaktivitéiten.
Mat Beweegung, Kreativitéit, Spill, Teamgeescht an och mat Stimulatioun vun de Sënner gëtt d’Bewosstsinn an d’Verantwortung vun de Kanner gestäerkt.

## Eis 5 Naturschutzzenteren



# Iwwersiicht


## A Wiewesch 4

Naturschutz & Landwirtschaft 5
Natur erliewen 10
Bësch 13
Mënsch & Natur 14
Teambuilding 15

## Biodiversum 17

Liewensraum Fiichtgebitt 18
Natur erliewen 20
Bësch 23
Mënsch & Natur 25
Teambuilding 27

## Burfelt 28

Konscht, Kultur & Natur 29
Natur erliewen 30
Bësch 32
Mënsch & Natur 34
Teambuilding 36

## Mirador 52

Konscht, Kultur & Natur 53
Natur erliewen 54
Bësch 59
Mënsch & Natur 62
Teambuilding 65

## Ellergronn 38

Natur erliewen 39
Bësch 43
Mënsch & Natur 46
Teambuilding 49




# A Wiewesch


Am Häerz vu Manternach, ëmginn vu Felder, Weeden a Bongerte läit den Naturschutzzentrum A Wiewesch.

An der eemoleger Scheier an de Ställ vum Bauerenhaff ass eng interaktiv Ausstellung, zum Thema Naturschutz & Landwirtschaft. An dëser interaktiver Ausstellung gëtt op eng flott Aart a Weis gewisen, datt Landwirtschaft, Naturschutz an eng gesond Ernierung zesummenhänken an och ënnert anerem eis Klima beaflossen.

Nieft dem pedagogesche Gaart A Wiewesch, luet déi schéi Kulturlandschaft jiddereen an, fir op eisen didaktesche Weeër spadséieren ze goen, oder un eise sëllegen Aktivitéiten oder Workshoppen deel ze huelen.



D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.




Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei. E Picknick ka matbruecht ginn.



All Aktivitéit kann op Ufro mat enger Mëttespaus an eiser Grillhütt verbonne ginn.

awiewesch
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum





# Naturschutz & Landwirtschaft




NEI

## Liewensraum & Vielfalt vun de Wisen a Weeden

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1


Fréijoer bis Hierscht

D'Schüler klammen an d'Roll vu FuerscherInnen.

Déi verschidde Standpunkten an Interessekonflikter bei der Erhalung vum Liewensraum Gréngland ginn diskutéiert an an engem Rollespill duergeleucht.

Uschléissend kann d'Klass hier eege Landschaft mat Bauklötz gestalten.

## Viz Aktioun



Cycle: 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Oktober
vun 9 bis 14 Auer

All Kand kann eng Fläsch matbréngen (max. 1 Liter) wou mir Viz afëlle kënnen.




Mir ginn zesummen Äppel rafen a léiere bei dëser Geleeënheet de Bongert besser kennen. Duerno maache mir Viz mat den Äppel a schmaachen deen och direkt zesummen. An eiser Kiche bake mir mat eiser gudder Fee Christiane een Äppelkuch.

## Komm mat an d'Gromperen



Cycle: 2.1 – 3.1 – 4.1

Abrëll bis Juli
ab 9 Auer

Fir méi Informatiounen oder Froe sti mir Iech gär zur Verfügung.




Dës spannend Aktivitéit besteet aus 2 Deeler. Am Abrëll ginn d'Grompere gesat, ugangs Juli gi se erausgeholl. Als Belounung gëtt et duerno ee gudde selwergemaachene Grompere-menü.

## Komm mat an eise Gaart




Cycle: 2.1 – 3.1 – 4.1

Abrëll bis Oktober
vun 9 bis 12 Auer


Leckert a lokaalt Geméis aus eisem eegene Gaart.

Wéi gestalte mir eisen eegene Geméisgaart? Mir entdecken déi verschidden Aarbechten am Gaart: Mir plangen, séien, rappen Onkraut a schmaachen alles wat mir ugeplanzt hunn. All Mount ginn et aner Aarbechten déi gemaach musse ginn.



# Net just Hunneg am Kapp







Abrëll bis Juli


Zesummen ënnersiche mir ee Beiestack.

Wou kënnt den Hunneg hier? Wien iwwerhëlt wéieng Aufgab am Beiestack? Wéi wichteg sinn d'Hunnegbeien, d'Wëll Beien an d'Bommele fir eis Mënschen?

Komm, mir fannen dat zesummen eraus.

# Frëscht Brout







Ganzjäreg




Vum Kär bis zum Brout: muelen, knieden, baken.
Eng beléift Kanneraktivitéit iwwer déi bal verschwonne Konscht vum Broutbaken.

# Wanderung, Naturschutz & Landwirtschaft







Ganzjäreg

Wéi kënne mir d'Natur schützen an eppes fir d'Klima maachen? Op eiser Wanderung (Léierpad Manternach-Lelleg) entdecke mir wéi Naturschutz a Landwirtschaft Hand an Hand ginn a firwat et sou wichteg ass mat verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffen.

Uschléissend kann eng Féierung duerch d'Ausstellung Naturschutz a Landwirtschaft ugebuede ginn.



# Naturschutz um Teller

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Wéi kënne mir mam Choix vun eisem Iessen d'Natur schützen? Wou kommen eis Banannen hier a wéi gi se ugeplanzt? Mir kucken eis u wat fir Liewensmëttel lokal produzéiert ginn a versichen ze verstoe wat nohalteg Ernierung bedeit. Natierlech schmaache mir och lecker lokal Produiten.





# Buedem - gesonde Buedem, gesond Iessen

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mäerz bis Oktober

Buedemschutz, eng Erausfuerderung fir d'Biodiversitéit ze erhalen an eis Ëmwelt zeschounen. Et gëtt vill verschidde Biedem an alleguer erzielen se eng aner Geschicht. Mat Hëllef vun Experimenter a Beobachtungen entdecke mir wéi villfälteg d'Liewen ënner der Uewerfläch ass.

## Vum Schof bis zur Woll



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg




Wéi lieft ee Schof a wéi kann de Mënsch ee Schof notzen? Mir besichen eis zwee Schof an entdecke wat mir alles mat hirer Woll maache kënnen.

## Méllech vum Bauerenhaff




Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Oktober bis Mäerz
vun 9 bis 12 Auer

Méllech ass ee Grondnahrungs-mëttel dat mir all kennen, mee wou kënnt d'Méllech eigentlech hir a wat kann een alles aus Méllech maachen?
Mir besichen de Bio-Bauerenhaff zu Manternach.

Eng spannend Kanneraktivitéit bei där och déi Erwuesse vill Neits gewuer ginn.

## Op Besuch um Bauerenhaff




Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg
just mëttwochs




Mir besichen de Bauerenhaff vun der Famill Clemens vu Lelleg. Do kréie mir gewisen, wou eis Liewensmëttel hierkommen a mir erliewen den Zesummen-hank tëschent Naturschutz a Landwirtschaft.

Dës Aktivitéit dauert 3-4 Stonnen.




# Natur erliewen




## Wëll Déieren zu Lëtzebuerg



Cycle




Ganzjäreg

Wie lieft an eise Bëscher?

Wëll Déiere waarden op dech. Erkenns du hir Spueren?

Op Ufro besteet d'Méiglechkeet, déi opgestoppten Déiere selwer auszewielen.

# Fräsch & Co

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mee bis Juli




Wat lieft am an um Weier?

Mir dauchen an an d'Welt vun den Amphibien an Insekten. Dobäi léiere mir allerhand iwwer d'Liewen an d'Iwwerliewen am Weier.

# Insektesafari

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mee bis August




Mir maachen een Ausfluch an d'Welt vun den Insekten. Mir ginn duerch ee Labyrinth a fänke mat der Becherlupp Insekte fir eis se genee unzekucken an duerno nees fräizeloossen.

# Wëll Beien a Biodiversitéit

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Abrëll bis Juli

Mir maachen eng Entdeckungsrees an d'Welt vun de wëlle Beien.




Mir kucken den Ënnerscheed zur Hunnegbei, gesi vu ganz no wéi d'Wëllbeien hir Näschter bauen, vu wat si sech ernären, wéi wichteg si fir eis Natur sinn a wat mir alles maache kënne fir si ze schützen.

# Natur mat alle Sënner

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Abrëll bis November




Mir lauschteren, schmaachen a richen eis spilleresch duerch d'Natur. Mir léiere méi genee ze kucken fir ëmmer nees eppes Neies ze entdecken an ze verstoen.

# Erliefniswanderung Manternacher Fiels

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg vun 9 bis 12 Auer

Um Léierpad Manternacher Fiels, am gréisste Schluchtbësch vu Lëtzebuerg entdecke mir seelen Aarte wéi z.B. Hirschzong-Farn an den Äisvull.
Wa mir achtsam duerch d'Géigend ginn, fanne mir, ofhängeg vun de Joreszäiten, och nach seelen Orchideeën oder Champignonen.

NEI

# Bleif bei der Heck!

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg




Lo gi se nees nei entdeckt, als wäertvolle Liewensraum fir Déieren a Planzen, als Wand- a Siichtschutz bei den Dierfer oder géint de Kaméidi bei Stroossen.

Hecke kenne mer a ville Formen, vum Amaache vu Wisen oder als Zäitverdreif als Irgaart geschnidden, se si ganz vill vertruede gewiescht. Mee leider si se ëmmer méi aus eise Landschafte verschwonnen.

Mir ginn op eng Entdeckungsrees ronderëm Manternach, erfuerschen d'Banneliewe vun enger wëller Heck a fannen dobäi bestëmmt e puer bekannte Gesiichter!



# Bësch




## De Bësch mat senge Funktiounen



Cycle: 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Firwat ass de Bësch esou wichteg fir eis? A firwat ass et esou wichteg de Bësch ze schützen an ze erhalen?

Mir entdecken, wéi Naturschutz a Bëschbewiirtschaftung Hand an Hand goe kënnen. Mir erfuerschen déi verschidde Funktioune vun engem Bësch, sinn aktiv an der Natur a bauen eisen eegene Waasserfilter.

## Waldbaden mat Kanner



Cycle: 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Mir dauchen an an d'Atmosphär vum Bësch. Mir schrauwen d'Vitesse zréck an entspanen eis vum Alldag, fir dass mir eis erhuele kënnen. Mir verbréngen Zäit am Bësch mat näischt maachen an d'Natur spieren. Fir dat Gefill ze verstäerke maache mir Otemübungen a Yogaübunge fir eis ze beweegen an opzewiermen.

# Mënsch & Natur




## Wëll Kraider schmaachen

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

20. Abrëll bis 10. Juli

Mir leiere 5 Kraider kennen, déi mir och selwer erëm fanne kënnen.
Op engem Spadséiergang sammele mir wëll Kraider, preparéieren domadder lecker Spezialitéiten a bereeden eis e gudden Téi zou.

## Urban Farming - d'Stad als Beet

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mäerz bis Juni
vun 9 bis 12 Auer

Mir setzen eis mam Wunn- a Liewensraum vun de Schüler/-innen am Zesummenhank mat Stadgäert auserneen.

Mir léieren d'Grondlagen a Beispiller vum „Urban Farming" kennen an domadder och nei Perspektive fir den Ubau vu Liewensmëttel. Mir bauen eng Kraiderkëscht fir de Balcon oder d'Fënsterbriet.




# Team Building




## Erliefnis Wildnis



Cycle






Ganzjäreg
vun 9 bis 15 Auer

Kloteren, mam Holz wierkelen, Feier maachen, Spuere liesen a spillen am Bësch fir dass d'Klass als Team gestäerkt gëtt a sozial Fäegkeete gefërdert ginn.
Wärend engem spannenden Dag voller Abenteuer weise mir iech, de gerechten Ëmgang an a mat der Natur. Dat Abenteuer erstreckt sech iwwer de ganzen Dag, kachen um Feier abegraff.

# Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Cycle






Ganzjäreg

Dat passend Thema ass net dobäi?
Gäre schneidere mir ärer Klass och eng individuell Aktivitéit zesummen. Nennt eis äert Thema oder är Interessen a mir stellen iech déi passend Naturaktivitéit ganz no äre Bedürfnisser oder passend zu ärem Schoul-programm zesummen. (Rallye, Orientéierungslaf, thematesch Wanderung asw.)




## Zousazinfo

All eis Aktivitéite sinn dem Niveau vum Schoulprogramm ugepasst a kënnen un d'Interesse vum Léierpersonal an de Schüler ugepasst ginn. Suergt w.e.g. dofir dass d'Kanner ëmmer Gezei unhu wat dem Wieder ugepasst ass an och fest Schong. All Aktivitéit kann op Ufro mat enger Mëttegpaus mat Grillen an eisem Gaart verbonne ginn. Fir weider Informatiounen an Umeldunge steet iech d'Ekipp vun A Wiewesch gären zur Verfügung. All eis Aktivitéite sinn un déi jeeweils aktuell zu Lëtzebuerg virgeschriwwe sanitär Corona-Mesuren ugepasst.






# Biodiversum


Den Naturschutzzenter Biodiversum am wonnerschéinen Haff Réimech invitéiert de Visiteur, d'Villfalt vun der Natur vum Gebitt ze entdecken. Aus dem deemolege Kiselstengofbaugebitt ass e vun de schéinsten an ökologesch wäertvollste Fiichtgebitter ze Lëtzebuerg ginn.

An der interaktiver Ausstellung vum Naturschutzzenter gëtt de Visiteur ënner anerem alles iwwer d'Geschicht vum Museldall, de Liewensraum Weier, de Vullenzuch an d'Wichtegkeet vun der Biodiversitéit gewuer.

D'Haaptaufgab vum Zenter ass d'Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet wéi och vu Schoulklassen am Beräich Nohaltegkeet, Natur- an Aarteschutz.



D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.



Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei.



D'Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren op mannst 2 ½ Stonnen.

BIODIVERSUM
CENTRE D'ACCUEIL NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM



# Liewensraum Fiichtgebitt




## Entdeckungstour Haff Réimech

Cycle




Ganzjäreg

Kommt mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Weiergebitt Haff Réimech!
Wéi sinn d'Weieren entstanen?
Firwat ass et elo e Schutzgebitt?
A wien lieft hei iwwerhaapt?


Zu all Joreszäit gëtt et eppes aneschtes ze entdecken!

Dës Aktivitéit dauert min. 2 ½ Stonnen (klengen Tour) oder 3 ½ Stonnen (groussen Tour).




## D'Liewen am Weier

Cycle




Mëtt Mee bis Enn August


Well mir och buerféiss am Waasser wäerte sinn, bréngt w.e.g. kuerz Boxen an Handdicher mat.

Mir luussen zesummen ënner d'Waasseruewerfläch vun de Baggerweieren. Wat a wien lieft hei? Firwat sinn dës Planzen an Déieren esou wichteg? Wéi kënne mir si erkennen a wéi hinnen hëllefen?
Zesumme léiere mir d'Ënnerwaasserwelt vum Haff Réimech kennen!

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

## De Fräsch

Cycle




Mëtt Mee bis Ufank Juli

Mir ginn zesummen duerch den Haff Réimech fir méi iwwer de Fräsch a säi Liewe gewuer ze ginn. Ass hien d'ganzt Joer hei? Wéi beweegt hien sech? Wat frupst hien?

Zesumme siche mir d'Äntwerten op dës an aner Froen a mat e bëssi Chance kënne mir och e Fräscheconcert lauschteren.

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

# Déi grouss Rees vun de Vullen

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1 (3.1 – 4.2)

Abrëll bis Mee a September bis Oktober

Eemol Afrika an zeréck!


Wouhi verschwanne sou vill Vullen am Wanter? Wéi fanne si hire Wee? Wéi eng Geforen an Hindernisser musse si iwwerwannen? A firwat hu verschidde Villercher e Rank um Fouss?

Dës a weider Froe beäntwere mir zesummen a jee no Wieder, hu mir vläicht souguer d'Méiglechkeet, engem Ornitholog beim Berénge vun engem Vull iwwer d'Schëller ze luussen.



# Eeër an Näschter








Mäerz bis Mee

Wou kommen déi kleng Jippelcher hir? Baut all Vull e Nascht? Wat maache si de ganzen Dag? A firwat sange si iwwerhaapt?

Op spilleresch Manéier entdecke mir heemesch Vullenaarten a léieren hir Gewunnechten, hir Näschter an Eeër kennen. Mir baue souguer en eegent Nascht fir mat heem ze huelen.

# Vulle-Rallye






Februar bis Oktober

Mir sichen zesummen no Vullen am Fiichtgebitt. Dobäi gi mir dorop an, wéi eng Ënnerscheeder déi verschidde Vullenaarten hunn, wéi si liewen, wat si friessen a wat mir kënne maachen fir si ze schützen.

Bréngt w.e.g. dem Wieder ugepasst Gezei a Schong mat.
Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.



# Eilen a Käizercher

NEI

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Määerz bis Mee




Mir léieren alles kennen iwwer des geheimnisvoll Vullen a wéi si sech un ee Liewen am Däischteren ugepasst hunn.

Wou liewe si, wat friesse si a wat kënne mir maache fir si ze schützen?






# Bësch




## Bësch-Entdeckungsrees








Ganzjäreg

Spilleresch erliewe mir, wat de Bësch alles ze bidden huet, wat hie fir eis mécht, wéi mir hie schütze kënnen a wien hei wunnt.

Bei dëser Aktivitéit gëtt et ni langweileg!

Bréngt w.e.g. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat. Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen am Summer, am Wanter 2 bis 2 ½ Stonnen.

# Bësch-Rallye



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

D'Déiere vum Bësch si frou mat Kanner. Awer just mat deenen, déi si respektéieren a sech gutt mat hinnen auskennen. Fir sou Kanner hu si eng Klengegkeet am Bësch vu Réimech verstoppt.

Kommt mat a gemeinsam versiche mir unhand vu verschiddene Spiller a Quizzen dës Iwwerraschung ze fannen.

Bréngt w.e.g. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat.

Dës Aktivitéit dauert je no Cycle mat Picknick ca. 2 ½ Stonnen.




# Bëschdéieren entdecken



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Mir ginn op Spueresich an de Bësch. Jee no Joreszäit wäerte mir aner Déieren entdecken an eis hire Liewensraum ganz genee ukucken.
Mat vill Spaass a Spiller léiere mir d'Welt vun den Déiere kennen a verstinn hir Wichtegkeet fir de Bësch a fir eis.

Am Summer kann dës Aktivitéit mëttwochs och ganzdags gebucht gi vun 10:30 bis 15 Auer.

Bréngt w.e.g. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat. Dës Aktivitéit dauert ongeféier 3 Stonnen.

# Mënsch & Natur



© CNF Biodiversum

## Archeologesch Entdeckungsrees am Haff Réimech



Cycle: 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1 (4.1 ↔ 4.2)

Mee bis August

E Paradäis aus Mënschenhand

Den Haff Réimech ass e klengt Paradäis, dat aus Mënschenhand erschaf gouf. Op dëser Tour léiere mir, wéi déi éischt Mënschen am Gebitt ronderëm de Biodiversum gelieft a wéi si d'Natur verännert hunn.
Eis Entdeckungsrees erstreckt sech vun der Jongsteenzäit bis an eis Zäit.

# Schätz, Schierbelen, Schanken a méi…

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Detektive vun der Vergaangenheet

Wat maachen Archeologen a wéi schaffen si? Mir sichen an der Ausgruewungskëscht no Bijouen, Keramik a Schanken an erfuerschen déi spannend Geschicht vun de Mënschen am Haff Réimech tëschent der Steenzäit an dem Mëttelalter.

Wat wäerten d'Leit wuel vun eis an dausend Joer fannen?

# Eng Welt voll Plastikknascht

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Wat ass Plastik? Firwat ass Plastik esou beléift? Wat ass Mikroplastik?

Zil vun dëser Aktivitéit ass et, nieft der Wëssensvermëttlung e Bewosstsinn fir eise Kunststoffkonsum, de Ressourcëverbrauch, d'Ëmweltbelaaschtung a fir nowuessend Materialien ze erschaffen.

2 Stonnen, 120€ / Stonn



© CNF Biodiversum




# Team Building

## Schatzsich am Haff Réimech



Cycle






Abrëll bis Oktober

Bréngt w.e.g. dem Wieder ugepasst Gezei a Schong mat. Dës Aktivitéit dauert OUNI Picknick 3 bis 3 ½ Stonnen.

Virun dausende vu Joren hunn d'Kelten hei am Haff Réimech e Schatz verstoppt. Elo ass et un der Zäit, den ze sichen. Mee just déi Kanner, déi sech ganz gutt mat der Natur auskennen, si schützen an all Spiller a Rätsel packen, just déi kënnen de Schatz fannen.

Verrot de Kanner w.e.g. näischt vun der Schatzsich am Viraus mee erzielt hinne just vun enger Excursioun am Naturschutz-gebitt.






# Burfelt

De Naturschutzzentrum läit bei eisem schéine Stauséi un der Uewersauer.

De Stauséi sou wéi di typesch Éisleker Koppen a Louhecke prägen dës Géigend. Duerch di roueg a wonnerschéi Landschaft fanne Visiteuren den direkte Wee zu der Natur.

Am Gebai aus dem 18te Joerhonnert fannt dir eng interaktiv Ausstellung. Dës dréint sech ëm de Bësch an all seng Funktioune souwéi d'Bezéiung vum Mënsch zum Bësch an erklärt wat eisen ökologesche Foussofdrock bedeit.

All eis pedagogesch Aktivitéite sinn op dem "BNE" Prinzip opgebaut.



D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.



All eis Aktivitéiten daueren op mannst 3 Stonnen.
Eenzel Aktivitéite ginn iwwer e ganzen Dag.




W.e.g. matbréngen: gutt Schong fir an de Bësch, dem Wieder ugepasst Gezei a Verfleegung.



Ee Grill steet zu ärer Verfügung.

Burfelt
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt



# Konscht, Kultur & Natur




## Konscht am Bësch

Cycle: 1.1 – 4.1

Ganzjäreg

D'Verbindung vu Konscht an Natur sprécht all Sënner vum Mënsch un a féiert zu engem onvergiesslechen Erliefnes.
De Bësch liwwert eng Vilfalt un natierlech Produkter, dëst gëtt de Kanner pedagogesch vermëttelt andeems se selwer sammelen an domadder Konschtwierker duerstellen.

## Lou-Schläissen

**Wat huet d'Eescheschuel mat Lieder an Tënt ze dinn?**

Cycle: 3.1 – 4.1

Mee bis Juni

Duerch d'Lou schläissen de Wäert vun de Louhecken an hir kulturhistorisch Bedeitung méi no bréngen andeems d'Schüler selwer kreativ ginn an eng Hand mat upaken.

Entdeckt mat eis, wéi kreativ ee mat der Lou schaffe kann.




# De Kéiseker



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Wat ësst de Kéiseker? Wéi lieft en zu de verschiddene Joreszäiten?

Bei dëser Aktivitéit vermëttele mir wäertvoll Informatiounen zu dësem bedroten Déier.

## Villercher

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

November bis Abrëll



Duerch Spiller an Experimenter erliewen d' Schüler vill Wëssenswäertes iwwert déi verschidde Vullefamillen.

## De Bësch a seng Déieren

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Eis Bëscher sinn ee grousse Liewensraum fir vill Déieren-aarten.

Géi mat eis op d'Spueresich a villes méi.






# Bësch - all inclusive

Eise Bësch als Multitalent kenne léieren. Dës Aktivitéit verbënnt Naturnotzung, Erhuelung a Naturschutz am Bësch.


Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

# De Bësch mat alle Sënner entdecken



Cycle






Ganzjäreg




Mir entdecken de Bësch mat eise Sënner a begräifen duerch d'Spillen all seng Funktiounen.

Dës Aktivitéit gëtt un all Altersgrupp ugepasst a soll haaptsächlech Freed an Interessi um Bësch erwächen.

# Mathé am Bësch



Cycle






Ganzjäreg




Vill Themen an der Mathé kënnen duerch praktesch Beispiller am Bësch konkret verdäitlecht ginn.

# Bamwipfelpfad



Cycle






Ganzjäreg

Entdeckt mat eis wat de Bam an zemools seng Kroun fir wichteg Funktiounen ze bidden hunn.



# Mënsch & Natur




## Atelier Holz

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1 (3.1 bis 4.2)

Abrëll bis Oktober

Unhand vu Beispiller kréien d'Schüler de Wäert vum Bësch erkläert. Zesumme mat de Kanner sichen a fälle mir ee Bam a verschaffen en bis zum fäerdege Produkt.

## Klima Challenge

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Wei een Afloss huet de Klimawandel op eis Ëmwelt an d’Liewewiesen?

Hei léieren d‘Schüler wéi eng Roll eis Bëscher beim Klimawandel spillen a wat d’Ursaachen a Folge vun dem Ganze sinn.

Wat kann een dergéint ënnerhuelen?

## Footprint - ökologesche Foussofdrock

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Wat ass een ökologesche Foussofdrock?

Dëst kréien d‘Schüler bei däser Aktivitéit erklärt a léiere wéi si dee kënne reduzéieren. D’Iesspause sinn Deel vun der Aktivitéit well se do hire Foussofdrock direkt virun den Aen hunn.

## Survival - Iwwerliewen am Bësch

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg




Feier selwer maachen mat verschidden Techniken, ee Läffel schnëtzen, Hütte selwer bauen a villes méi.

# Team Building




## Kooperativ Erliefnisspiller

Duerch kooperativ Spiller gëtt d'Selbstvertrauen, Teamwork a Kommunikatioun an der Grupp gefërdert.

Cycle: 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1 (↔ 4.1 – 4.2)

Ganzjäreg

## Natur - Connection

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Handy, sozial Medien an Internet si konstant Begleeder an eisem Alldag, och scho bei Jonker.
Duerch verschidden natur- an bëschpedagogesch Übungen an ouni dës Begleeder wäerte mir d'Géigend ronderëm den Naturschutzzentrum




Burfelt nei entdecken a kenne léieren.
Duerch selbststänneg Gruppen-aarbechte ginn di perséinlech Interesse vun de Schüler un eiser Ëmwelt an de Mëttelpunkt gestallt, mam Zil d'Relatioun tëschent Natur a Schüler ze stäerken.

## Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Falls fir Iech kee passend Thema dobäi ass an Dir een Thema an der Schoul behandelt, kennt Dir op Ufro eng passend Aktivitéit mat eis zesumme plangen.






# Ellergronn

Zwee Kilometer südlech vum Stadkär vun Esch-sur-Alzette läit de Naturschutzzentrum Ellergronn, agebett tëschent Bësch an Dréchewisen am Naturschutzgebitt mam selwechten Numm.

Hei trëfft alles openeen, wat de Räichtum vu Lëtzebuerger Süden ausmëscht: engersäits eng divers Natur an anerersäits de Patrimoine vun der deemoleger Eisenindustrie.


Am Ellergronn ginn et niewt den naturpädagogeschen Aktivitéiten och Aktivitéiten, déi sech mat der Relatioun vu Mënsch, Natur an der Notzung vun den natierleche Ressourcë befaassen.




D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.



D'Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren ongeféier 2 ½ Stonnen.



Bréngt w.e.g. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.



Ee Grill steet lech op Ufro zur Verfügung.

eller gronn
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum






## Insektensafari

Cycle




Enn Abrëll bis Juli

Wat krabbelt, spréngt a flitt dann do?
Ausgestatt mat enger Becherlupp tauche mir an an d'Räich vu Kiewerlek, Päiperlek & Co a fannen dobäi eraus wat et alles Interessantes ze entdecke gëtt an där verbuergener Welt laanscht de Wee.

# Wee schläimt dann do?

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Enn Abrëll bis Juli

Op all Spadséiergang am Bësch entdecken d’Kanner Schleeken an och wann se net flauscheg sinn, ass bal




all Kand un dësen Déieren interesséiert. Obwuel Schleeke lues a schutzlos wierken, sinn se een Erfollegsmodell.
Op spilleresch Aart a Weis gi mir de Spuere vun de Schleeken no.




# De Weier - voller Liewen a Geschichten

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Juni bis Juli
Dënschdes an donneschdes

Dass a Gewässer och kleng Déiere liewen, ass eis bewosst. Dës Déiercher sinn einfach anzefänken an och ouni Fachkenntnesser kënne mir si betruechten a mi no kenne léieren.

# Beien, déi onermiddlech Teamplayer

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Juni bis Juli
Am Escher Déierepark

Wa mir eng Beiekolonie kucken, fält eis gläich dat onermiddlecht Gesumms vun de Béien op.
Bei eiser Beienaktivitéit kënne mir si ganz genau betruechten a kenneléieren. Mir fanne raus, wisou si fir d'Mënsche liewesnoutwenneg sinn a wéi eng aussergewéinlech Aufgabe si fäerdeg bréngen.
Selbstverständlech dierfe mir och e bësse vun deem wat d'Béien hierstellen, naschelen a schmaachen.




# Fliedermais - geheimnisvoll Jeeër an der Nuecht


Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Si sinn nuets ënnerwee, kënnen am Däischtere gesinn an iwwer hier Liewensweis war laang Zäit wéineg bekannt. Wou liewe Fliedermais, wat iesse si a firwat si si sou wichteg fir eis Ëmwelt?
Bei dëser Aktivitéit léiere mir d'Liewensweis vun de Fliedermais kennen.

## Op der Sich no Déierespueren

Cycle




September bis Abrëll

Pattenofdréck, ugeknabbert Nëss, e Lach am Buedem.... Wee kann dat da gewiescht sinn?

Zesummen op Spueren- an Entdeckungssich bei engem Spadséiergang am Bësch.

## Mir léiere Spuere liesen an nogoen

NEI

Cycle




September bis Abrëll

Wëlls de léieren, wéi ee ka Spuere liesen wéi een Indianer?

Dann ass dat hei dat Richtegt fir dech. Mir maache Spiller, bei deene mer Spuere liese léieren a maachen eis op d’Sich no den Déieren aus dem Bësch.




© CC0 Public Domain

# Bësch




## De Bësch entdecken

Kommt an entdeckt mat eis de Bësch mat all senge groussen a klénge Bewunner am Naturschutzgebitt Ellergronn . Et ass iwwerraschend wat de Bësch alles ze bidden huet.

Cycle 


Ganzjäreg

# Mäi Start an di spannend Welt vun de Planzen

Cycle 


Juni bis Oktober




Zesumme léiere mir allerlee Planze kennen a kucke wéi een se bestëmme kann. Mir weisen dir eng einfach Approche fir deng eege Planzen Schatzkëscht unzeleeën.

# De Bësch mat alle Sënner erliewen

Cycle 


Ganzjäreg




Mir maachen en Tour duerch de Bësch wou mer eis besonnesch op eis Sënner fokusséieren. Einfach lassloossen an de Bësch op ongewinnte Manéier erliewen.

# Dei 4 Joreszäiten

Cycle 


Ganzjäreg
4x/Joer

Bei dëse 4 Aktivitéite geet et drëms, datt d' Kanner wärend dem Schouljoer d'Evolutioun vun engem Weier, engem Bam an enger Wiss dokumentaresch mat Hëllef vun engem Fotoapparat festzehalen. Den natierleche Prozess soll genee gekuckt a notéiert ginn.

Wichteg! Bucht fir dës ganzheetlech Aktivitéit w.e.g. eng Seance pro Joreszäit direkt um Ufank vum Schouljoer.




NEI

# Entspanen an der Natur

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Dës Aktivitéit bitt de Kanner d'Méiglechkeet Stress a Reiz Iwwerfloss ofzebauen. D'Kanner ginn dozou ugereegt sech konkret iwwer e längeren Zäitraum op een an der Natur oflaafende Prozess ze konzentréieren, an esou ze entspanen an zur Rou ze kommen.

# Mënsch & Natur




## Wéi Steenzäit-Mënsche molen



Wéi virun dausende vu Joren, erschafe mir Konschtwierker mat Äerd, Steng a mat dem wat eis d'Natur nach hiergëtt. Eis Virfare begleeden eis bei dem kreative Prozess.

Cycle: 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1 (1.1 → 3.1)

Ganzjäreg

NEI

# Firwat ass de Reen esou wichteg fir d'Natur, fir eis?

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Bei dëser Aktivitéit léieren d'Kanner firwat de Reen liewenswichteg ass.


Unhand vun der Delster-bëschquell gëtt hinnen anschaulech gewise, wéi de Reen säi Wee bis bei eis an de Krunn mécht.
D'Kanner léieren op deem Wee de Respekt virun eisem Drénkwaasser.

# De Biergbau an d'Minnenaarbeschter am Ellergronn

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Wëllt Dir gär méi iwwer de Biergbau an der Minn Cockerill wëssen?



Dann sidd der bei eis richteg. Kommt an erlieft firwat a wéi d'Minnenaarbechter iwwerhaapt Minetts-Steng aus de Stollen ofgebaut hunn. Wat eng haart Aarbecht!

# Feier - e Naturelement, dat faszinéiert

Cycle 1.1 – 2.1 – 3.1 – 4.1

Ganzjäreg

Feier ass bestëmmt di spektakuläerst Entdeckung vun der Mënschheet. Mir hunn d'Feier säit éiweg gebraucht a genotzt an et faszinéiert eis nach haut. Feier ass och geféierlech a mir léieren nierft "Feier maachen" och d'Reegelen, déi mir mussen anhalen.

Vu Mäerz bis Mëtt Juni kann dës Aktivitéit méindes als Ganzdaagsaktivitéit mat um Feier gekachte Mëttegiesse gebucht ginn.

# Mat Steng op Zäitrees

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Firwat gëtt de Süde vu Lëtzebuerg no engem Stee benannt? Mir tauchen an de villfältege Beräich vun der Geologie an.
D'Kanner ginn ugereegt gemeinsam naturwëssenschaftlech Zesummenhäng spilleresch ze ënnersichen an ze verstoen.



# Team Building




## Natur-Rallye

Cycle




Ganzjäreg

Bei dëser Rallye ass d'Erliefnis vun der Natur dat Wichtegst. Mat schaarfen Aen a gespëtztem Bläistëft entdecken d'Kanner wat de Bësch ons bäibrénge kann.

# Déieren Olympiad

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg




Du fënns de Bësch langweileg? Eis Déierenolympiad wäert dech vum Géigendeel iwwerzeegen!

Du an deng Klass triede géint eis Profien aus der Déierewelt un.

# Challenge am Ellergronn 1.0

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

An enger Grupp Aufgabe bewältegen, déi mir nëmmen zesummen als Grupp packe kënnen, dat schweesst eis zesummen. Mir hunn an engem ongewinnte Kader Spaass a léieren eis esou als Grupp besser kennen.

D'Zil ass dass d'Klass an engem geschützten Ëmfeld zu engem Team zesummewuesse kann.

Dës Aktivitéit dauert op mannst 3 Stonnen.

# Schatzsich am Ellergronn

**(ouni Begleeder)**

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1


Ganzjäreg

Enger So no hu viru laanger Zäit Minnenaarbechter ee Schatz am Ellergronn verstoppt, deen nach ëmmer net fonnt ginn ass…

Bréngt Dir et fäerdeg dëse Schatz ze fannen?

# Kniet a Kloteren

NEI





Mee bis Dezember

Wolls de ëmmer schonn eng Afebréck bauen? Hei léiers de e puer einfach Kniet fir verschidden Afebrécken ze bauen an allerhand Freed beim Kloteren ze hunn.
Vill Spaass :-)

# Schnitzeljuegd am Ellergronn

NEI






Ganzjäreg

Als Team léise mer Aufgaben, mer halen zesummen a ënnerstëtzen eis géigesäiteg, fir datt mer de Wee fannen a wien weess, vläicht fanne mer um Enn nach eng Trophée. Kënne mer dat packen? Jo, mir packen dat!
Dat gëtt gutt :-)




© Christof Weber

# Mirador

De Naturschutzzentrum Mirador ass an engem fréieren Industriegebai zu Stengefort ënnerbruecht.

Den Ofbau vum Sandsteen, Holz an Äerz huet d'Regioun laanscht d'Äisch verännert. Mëttlerweil huet sech d'Natur nees hier Platz zeréck geholl, d'Planzen an Déieren hunn hei en neit Doheem fonnt.


Spueren vun der Industriegeschicht an de Leit déi se gepräägt hunn, sinn awer nach op Schratt an Tratt ze begéinen.

D'Aktivitéiten déi de Mirador ubitt erméiglechen de Kanner eng aner Vue op d'Natur ze kréien a maachen se mat hirer Einfachheet an der Schéinheet vertraut.


D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.



Ofmeldungen musse spéitstens 24h virun der Aktivitéit per Mail oder Telefon erakommen.


Bréngt w.e.g. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.


Treffpunkt fir déi meeschten Aktivitéiten ass den Naturschutz-zentrum Mirador.

MIRADOR
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt







## Bësch a Konscht

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mäerz bis November

Duerch Bewonnerung a Kreativitéit entwéckelen d'Kanner eng Bezéiung zu der wonnerbarer Natur déi eis Doheem ass.
Mir dekoréieren Beem, kreéieren Konschtwierker aus Holz, Steng, Blieder, Blummen a Buedem, mir molen mat Naturfaarwen, leeën Mosaicker aus oder och e grousse Mandala.
De Bësch freet sech schonn op är Konschtwierker an Iddien.




# Natur erliewen

## D'Kaweechelchen



Cycle




Ganzjäreg


D'Kaweechelchen ass e richtege Kletterkënschtler. Säi Kierper ass perfekt un d'Liewen an de Baamkrounen ugepasst.
Zesumme gi mir op Entdeckungsrees a léieren dobäi ganz spilleresch d'Kaweechelchen, säi Liewensraum, säi Verhalen a seng Roll am Bësch kennen.




## De Kéiseker



Cycle




Ganzjäreg


De Kéiseker ass en typesche Bewunner vun eise Gäert. Duerch seng lessgewunnechten ass hie ganz nëtzlech an och gär gesinn.

Ganz spilleresch léiere mir de Kéiseker a seng Liewensweis kennen. Mer gi gewuer wou e lieft, wat en ësst a wat en am Wanter mécht.

# De Biber



Cycle




Mäerz bis September


Endlech ass de Biber nees do. Nodeems en am 19. Joerhonnert ausgerott ginn ass, huet hie säi Wee 2008 nees op Lëtzebuerg fonnt. Bei dëser Aktivitéit léiere mer dëst faszinant Déier méi genau kennen.

Mer gi gewuer wou e lieft a wat en ësst. Firwat en esou gutt Zänn brauch a wisou säi Schwanz platt ass. Mat Hëllef vu Spiller fanne mer selwer eraus wéi hien sech duerch d'Holz bäisst a wéi de Biber säin Damm baut a firwat? Zesumme maache mer eis och nach op Spueresich vun dësem pelzege Kolleeg.




MIRADOR Naturschutzzentrum Centre nature et forêt

# D'Liewen am Weier





Mëtt Mee bis Juni


Fir dës Aktivitéit musst der Stiwwelen an Ersatzstrëmp apaken.

Wat sinn Amphibien? Firwat quaken d'Fräschen an d'Mouken, a wéi ootmen se? Wéi eng Déiere liewen nach am Weier? Wéi gesinn se aus?

Mat Netzer, Luppen a Bestëmmungsbicher maache mer eis op de Wee fir op all déi Froen a nach vill anerer eng Äntwert ze fannen.




# D'Liewen am Fléissgewässer




Mëtt Mee bis Juli

Fir dës Aktivitéit musst der Stiwwelen an Ersatzstrëmp apaken.

Am Fléissgewässer a ronderëm ass vill lass.

Mir léieren dësen eenzegaartege Liewensraum, seng Entstehung a seng Bewunner besser kennen. Mir gi gewuer wat Waasserdéieren mat der Waasserqualitéit ze dinn hunn, wat en Auebesch ass a wisou dëse Liewensraum esou schützenswäert ass. Also Stiwwelen un a lass.

# Am Aklang mat der Natur

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Dës Aktivitéit bréngt eis der Natur nees méi no. Dobausse kucke mir mat Hëllef vun eise Sënner a Beweegunge fir mat hier an Aklang ze kommen.




An enger entspaanter Atmosphär konzentréiere mer eis op eis Ëmgéigend an huelen d'Natur esou an eis op, si hëlleft eis nees méi roueg a geloossen ze ginn.

# D'Welt vun den Insekten a Spannen

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mee bis Juli

Duerch de groussen Insekten-Verloscht ass dës Aktivitéit ganz aktuell. Zwee Drëttel vun allen Déieren op der Äerd sinn Insekten a Spannen.




Se si ganz nëtzlech an hunn eng immens wichteg Roll an eisem Ökosystem.
Mer léieren dës kleng Déieren an hir grouss Welt vu méi no kennen, mat Lupp an Äifer maachen mer eis op Insektesafari.

# Wien ass de Bubo bubo?

NEI

Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mäerz bis September

Mir schwätzen haaptsächlech iwwert déi gréissten Eil aus Europa, dem Uhu. Mee wat fir aner Eilen ginn et nach? Wou liewen se, wat iessen se an wéi ruffen se? Mir entdecken gemeinsam d'Welt vun den rouegsten Jeeër aus der Nuecht.

NEI

# Kraiderhexen um Tour



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Mëtt Mee bis September


Mir maachen zesummen eng Ausbildung zur Kraiderhex.




Mir léiere verschidde Kraider, hire Goût an hier heelend Wierkunge kennen. Natierlech sammele mir och Kraider, maachen eis selwer Kraiderbotter a schmaachen deen natierlech och.

NEI

# Dat geheimnisvollt Liewen vun de Reptilien



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Abrëll bis September


Dës Aktivitéit bitt eis en Abléck an déi geheimnisvoll Welt vun de Reptilien.




Mir léieren wéi eng Zorten et zu Lëtzebuerg ginn a wéi se liewen. Mir beschäftegen eis mat hirem Liewensraum an hëllefen selwer dobäi deen ze erhalen, andeems mir ënner anerem un Drëschenmaueren schaffen. Selbstverständlech ginn mir och aktiv op d'Sich no dëse Reptilien.

NEI

# Villercher am Wanter



Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

November bis Mäerz

Vill Villercher verloossen eis am Hierscht fir am Süden ze iwwerwanteren. Et ginn der awer och déi hei bleiwen. Bei déser Aktivitéit léieren mer d'Villercher besser kennen, maache Fudderbulle fir Meesecher a gi gewuer wéi si sech un den haarden Wanter upassen.


MIRADOR Naturschutzzentrum Centre nature et forêt

# Bësch




## De Bësch mat alle Sënner erliewen

Cycle





Ganzjäreg

Am Bësch ginn et an all Joreszäit spannend Saachen ze erliewen. Am Fréijoer wann d'Natur nees wakereg gëtt an den neigebuerenen Déieren.
De Summer mat de faarwege Blummen an de summenden Insekten.
Den Hierscht mat dem Verfierwe vun de Blieder an dem Optauche vun den Champignonen oder de Wanter wou d'Natur nees zu Rou kënnt a sech all d'Bewunner vum Bësch nees un d'Keelt upassen.

MIRADOR Naturschutzzentrum Centre nature et forêt

# Mäi Frënd de Bam





Ganzjäreg

Wéi al ass e Bam a wéi al kann e ginn? Wéi ootme Beem? Wéi eng verschidde Beem ginn et hei? Wéi kann een se ënnerscheeden? Firwat si Beem esou wichteg fir eis? Kënne Beem matenee schwätzen?

Op all dës Froen an nach vill anerer fanne mir bei dëser Aktivitéit eng Äntwert. Mir léieren d'Beem mat all hire Funktioune besser kennen a schätzen.





# De liewegen Herbarium




Abréll bis September

Zesumme gi mer ronderëm de Schoulhaff a léiere verschidde Planze kennen. Mat Hëllef vun eise Bestëmmungsbicher fanne mir d'Nimm an d'Infoen iwwert Planzen eraus. Déi kleng Schëlter, déi mir dobäi stellen, hëllefen der Klass am weideren Verlaaf vum Schouljoer aleng d'Planzen am Laf vun hirem Zyklus ze beobachten an dëst Verännerungen ze dokumentéieren.

# Op Spueresich am Bësch





Ganzjäreg

Eise Bësch ass voll mat Déieren, leider kritt een se net sou oft ze gesinn, si hannerloossen awer Spueren!




Mir léieren zesummen wéi se ausgesinn a wéi mir se liese kënnen. Mir ginn zesummen op Spueresich, stellen eng Fotofaal op an nach villes méi.

# Éier ech mat de Wëllef huerelen





Ganzjäreg

Wéi geféierlech ass de Wollef fir Mënsch an Déier? Wéien Afloss huet hien op déi natierlech Nahrungsketten?

Unhand vu Geschichten a Rollespiller sollen d'Virurteeler géigeniwwer dësem Raiber ofgebaut ginn.
Sou gëtt d'Akzeptanz vun dësem fantasteschen Déier bei de Kanner gestäerkt.

# D'Athleten aus dem Bësch




Abrëll bis Juli

Bei dëser sportlecher Aktivitéit, gi mir an d'Naturschutzgebitt Stengeforter Steekaulen a léiere verschidde Bewunner an hir sportlech Talenter kennen.

Wéi wäit sprangen déi verschidden Déieren? Wéi vill Gewiicht packen se? Wéi schnell sinn se? Wéi gutt kënnen se kloteren?

Dës an nach villes méi fanne mir duerch selwer maachen eraus. Also dofir Sportskleeder un a lass.

Kleeder a Schong matbréngen fir dobausse sportlech aktiv ze sinn an genuch ze drénken.

# Mënsch & Natur





## Survival Atelier

(Ganzen Dag)



Cycle




Ganzjäreg

Feier ufänken ouni Fixspoun a Briquet, eng Schutzhütt selwer bauen, Spuere liesen, sech orientéieren, Wëllplanze kenne léieren an nach villes méi.

Een Dag laang d’Natur aneschters erliewen an als Klass gemeinsam Aufgabe léisen. D’Abenteuer waart op iech!

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

# Industriegeschicht a wéi d'Natur sech nees verbreet huet


Cycle 1.1 2.1 3.1 4.1

Ganzjäreg

Am Laf vun der Geschicht huet de Mënsch ganz Landschaftsbiller duerch Industrië verännert. Soubal déi awer net méi genotzt ginn hëlt d'Natur sech hirer nees ganz séier un. Bei dëser spannender Aktivitéit gi mir op Spueresich vun der aler Industrie, a wäerte vill Maueren a Gebaier, Schinnen an Tunnellen, komesch Fielsformatiounen an nach villes méi entdecken. Mer gesi wéi et Fréier ausgesinn huet a wéi d'Natur sech nees verbreet a vun de Flechten a Moose bis hin zu engem Bësch entwéckelt huet.



# Bushcraften mat Messer a Schnouer

Cycle 



Abréll bis Oktober

Bei déser Aktivitéit entdecke mer de Mac Gyver an eis.

Mer léieren hei wéi een sech ganz einfach an der Natur ka vill nëtzlech Saache bauen ouni vill Material. Vum Besteck, iwwert Schossele bis zum Stull, der Hängematt an enger Hütt kënne mer eis alles selwer hierstellen. An dofir brauche mir just en Täschemesser an eng Schnouer.




# Matschaffen am Naturschutz

Cycle 


Mäerz bis November

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.




Mer schaffen zesummen an eisem Naturschutzgebitt. Ofhängeg vun der Saison falen hei verschidden Aarbechten un wou der kënnt mathëllefen, eis Biodiversitéit ze erhalen an ze verbesseren.

Allez hopp! D'Schaffhändschen undoen a lass leeën.

MIRADOR Naturschutzzentrum Centre nature et forêt




# Team Building

## Team Buiding

(Ganzen Dag)



Cycle






Ganzjäreg


Bei dëser Aktivitéit muss d'Klass verschidden Aufgabe meeschteren, déi just als Grupp ze packe si mat Hëllef vu Kommunikatioun, Kreativitéit, Duerchhalvermëigen an enger gudder Portioun Teamgeescht. No der Aktivitéit gëtt nach e klenge Bilan mat Réckbléck a Reflexioune gemaach.

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.





© CNF Mirador

## Natur-Schatzsich



Cycle






Ganzjäreg

Bei dësem Abenteuer steet d'Erliefnis an der Natur un éischter Platz. D'Kanner léiere spilleresch d'Natur kennen. Duerch Kreativitéit, Geschécklechkeet a Virwëlz fannen d'Kanner Hiweis fir Hiweis fir zum Schluss als Belounung de Schatz ze fannen.



© Gilles Wagner